

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Minister fir Öffentlech Baute weiderzeleeden.


An hirer Äntwert op meng parlamentaresch Fro n° 5293 weisen d'Madamm Kulturminister an den Här Minister fir Öffentlech Bauten drop hin, datt dem Aloyse Kayser säi Gebuertshaus als Lieu de mémoire national schützenswäert ass. Trotzdeem géifen et sécherheetstechnesch Grënn fir d'Ofrappe vun deem Haus ginn: *“Tatsächlech plangt d'CFL, als Gestionnaire vun der Eisebunnsinfrastruktur am Accord mat der Gemengeverwaltung vu Miersch, d'Ofrappe vun dësem fréiere Barrièreshaus, well dëst Gebai ze no bei den Eisebunnschinnen ass. D'Haus läit och bannent dem elektresche Gabarit vun de liewegen Eisebunnsinstallatiounen, sou datt all Interventioun un dësem Gebai eng Ennerbriechung vum Schinneverkéier erfuerdert. Fir d'Entwécklung vun der Eisebunn an d'Sécherheet vum Schinneverkéier, wéi och déi vun Drëttbewunner nieft der Eisebunnsstreck ze garantéieren, kann dëst Gebai net erhale bleiwen.”*

Och déi eelste Gare vum Land, d'Gare vun Ettelbréck, wäert ofgerappt ginn, obschonns d'Commission des Sites et monuments drop higewisen huet, datt dëst Gebai schützenswäert ass.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister an un den Här Minister:

- 1) Geet d'Regierung dervun aus, datt et méiglech wier, d'Barrièreshaische vu Miersch wéi och d'Gare vun Ettelbréck Stee fir Steen ofzebauen an op anerer Plaz, evtl. am Fond-de-Gras, naturgetrei erëm opzeriichten? Wann dat net de Fall ass: wéi eng konkret Grënn schwätze géint dës Alternativ?
- 2) Wéi steet d'Regierung zur Iwwerleeung, datt et fir Lëtzebuerg, opgrond vu senger historiescher Roll an der Eisebunns geschicht, sënnvoll wier, een Eisebunnsmusée ze kréien? Géif esou een Eisebunnsmusée net den ideale Kader souwuel fir d'Barrièreshaische vu Miersch wéi och fir d'Gare vun Ettelbréck bidden?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup, Deputéierten